## D'Lënster Päiperlék ASBL sicht Ënnerstëtzung

Déi aktuell Situatioun, bedéngt duerch d'Mesuren géint de SARS COVID19, stellt och de SEA Päiperlék viru Problemer. Fir all d'Ausfäll kënnen opzefänken an all d'Restriktiounen kënnen ze respektéieren, sichen mir weider Personal fir eis ze ënnerstëtzen.

Fir op all Szénario préparéiert ze sinn, si mir also op der Sich no motivéierte Leit, déi bereet wieren am SEA Jonglënster auszehëllefen. Dëst entweder an der Mëttesstonn tëscht 11.30 an 14.00 Auer, oder och zu aneren Zäiten am Grupp.

Folgend Profil gëtt gesicht:

- Pedagogesch Erfarung (am privaten oder professionelle Beräich)
- Groussjähreg sinn
- Erfarung an der Aarbecht mat Kanner
- Lëtzebuergesch Sprooch beherrschen
- Flexibilitéit an Oppenheet
- Empathie am Ëmgang mat Kanner

Astellunge sinn ënnert verschiddene Forme méiglech (Benevolat, Studentekontrakt, CDD…)

Bei Interessi kënnt Dir Iech gäre bei der Chargée de direction, der Madamm Clara Wolf, mellen:

*Tel. 26782667*

*clara.wolf@paiperlek.lu*

**Villmools Merci fir Är Hëllef.**

**Lënster Päiperlék A.S.B.L.**
SEA Jonglënster
20, Rue du Village
L-6140 Junglinster